Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. November 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister an d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

Leit, déi geblëtzt ginn, an déi entspriechend Geldstrof wëlle contestéieren, kënnen hir Demande iwwer MyGuichet.lu erareechen. Am Fall, datt ee wëll Widdersproch géint e Parkprotokoll aleeën, muss een allerdéngs fir d'éischt zu den Ëffnungszäiten op deem zoustännege Kommissariat laanscht goen, fir dat entspriechend Dokument matzekréien. Esou wéi betraffe Bierger mir et zougedroen hunn, hunn si dëse Formulaire duerno missen ascannen, fir en un déi allgemeng, ëffentlech E-Mail lux-at@police.etat.lu zeréckzeschécken.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Regierung matdeelen, wéi déi Decisioun motivéiert ass, datt d'Leit de Formulaire fir Widdersproch géint e Parkprotokoll anzeleeën, net vun Ufank digital kënnen iwwer MyGuichet bezéien?
2) Wéi dacks hunn d'Bierger an de Joren 2018 – 2023 Widdersproch géint Parkprotokollen ageluecht?
3) A wéi vill vun deene Fäll huet d'Police zu Gonschte vun de Bierger entscheet?

Mat déiwem Respekt,

Tom Weidig
Deputéierten